



## Op der Schock, société coopérative stellt an:

### 1 Keramiker (m/f/n), CDI 40 St./Woch fir eisen Keramikatelier zu Réiden

#### Missioun:

- Leedung vun engem Grupp vu Mënsche mat enger intellektueller Beantwärtung am Beräich vun der Keramik
  - Zesumme mat hinnen am Keramikatelier flott Géigestänn aus Leem hierstellen, déi duerno an eise Buttik verkaft gi: z.B. Cache-pot'en, Dekoartikelen, Schosselen asw.
  - Ënnerstëtzung bei der Ausféierung vun den Aarbechten,
  - Dépistage a Fördere vun de Fähigkeiten an Interesse vu Mënsche mat intellektueller Beantwärtung am Beräich Keramik an Dekoartikel
  - Fördere vun der alldeeglecher Selbstännegkeet an de Sozialkompetenzen
- Iddien zu Produktiounen a Projet'en mat abrénge
- Produktiounen un d'Kompetenzen vun de betreite Mataarbechter upassen
- Berodung vu Client'en

#### Qualifikatioun a Kompetenzen:

- Keramiker mat excellenten Kenntniser an der Verarbechtung vu Lehm (Ausbildung als Keramiker, Bachelor Werkstofftechnik Glas und Keramik, o.ä) an Loscht sech an d'Aarbecht mat Mënsche mat intellektueller Beantwärtung eranzeschaffen
- Freed an Engagement an der Zesummenaarbecht mat Mënsche mat enger intellektueller Beantwärtung
- Eng respektvoll, léisungsorientéiert a wohlwollend Haltung an der Aarbecht
- Kapabel autonom ze schaffen a Responsabilitéit ze iwwerhuelen
- Strukturéiert a koordinéiert Schaffen
- Kreativitéit
- Humor, Flexibilitéit an Teamfähegkeet
- Loscht sech an engem Team ze engagéieren

#### Konditiounen:

- Salaire a Conditiounen vum CCT SAS
- Sproochen: Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch
- Führerschäin B
- Well dir mat Mënsche mat enger Behënnerung schafft, gëtt och een Extrait (3,4 an 5) aus dem Casier judiciaire gëfrot

Lëtzebuergesch schwätzen ass eis wichteg, fir dass déi betreite Persounen hir Betreier verstinn.

Wann Dir interesséiert sidd, schéckt Är Demande (Liewenslaf, Motivatiounsbréif, Foto, Kopie vum néidegen Diplom a senger Unerkennung zu Lëtzebuerg) un:

**Op der Schock**  
**Ressources humaines**  
B.P.10  
L-8501 Redange

Oder per E-Mail un: [recrutement@ods.lu](mailto:recrutement@ods.lu)

Eng éischt Selektioun gëtt opgrond vun den Dossiere gemaach. Fir weider Informatiounen, kënnt dir eis gäre kontaktéieren. Tel: 00352 26 62 18 81 E-mail: [recrutement@ods.lu](mailto:recrutement@ods.lu)